N°2080
Entrée le 12.03.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 13.03.2025
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 12/03/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Bildung, Kanner a Jugend weiderzeleeden.**

Den Artikel "Öffnet die Herzen, öffnet die Schultüren!" weist op d'Situatioun hin, dass ëmmer méi Gemengen hei am Land hir Schoule fir Kanner vu Frontalieren - mat lëtzebuergescher Nationalitéit - zoumaachen. Aus Plazgrënn géife Gemenge ëmmer méi heefeg Kanner vu Lëtzebuerger, déi am Ausland wunnen, refuséieren. Reng rechtlech gesinn dierfen d'Gemenge selwer entscheeden, ob si Kanner aus anere Gemengen oder aus dem Ausland unhuelen oder net. Dës "atypesch" Grenzgängerfamilljen, déi Lëtzebuerger sinn, zu Lëtzebuerg schaffen a Steiere bezuelen, fillen sech als vollwäerteg Lëtzebuerger a wëllen dowéinst och hir Kanner a Lëtzebuerger Schoule schécken.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi vill Kanner sinn a Schoulen zu Lëtzebuerg ageschriwwen, déi aktuell vun dëser Sonderregelung profitéieren?
2. Wéi hunn d'Zuele vu Kanner, déi hei zu Lëtzebuerg an d'Schoul ginn, awer mat hirer Famill am Ausland wunnen, an deene leschte Joren evoluéiert?
3. Wéi vill Kanner sinn hei am Land net bei hiren Elteren ugemellt a wou d'Elteren am Ausland ugemellt sinn?
4. Am Artikel gëtt dorop higewisen, dass dës Kanner an Zukunft potentiell Salariéeën hei zu Lëtzebuerg kéinte sinn, déi mat engem Lëtzebuerger Schoulofschloss besser Chancen hätten an eventuell och eis Sprooch beherrsche géifen.

   Wéi schätzt de Minister de potentielle Gewënn fir Lëtzebuerg an, wann dës Kanner net nëmmen eng lëtzebuergesch Ausbildung kréien, mee och eis Sprooch léieren a méiglecherweis spéider zu Lëtzebuerg wunnen a schaffen?
5. Kéint d'Regierung e Kompensatiounsmechanismus ausschaffen, wou e bestëmmten Deel vun den Akommessteieren, déi d'Frontaliere bezuelen, u Gemengen zeréckfléisst, déi hir Kanner ophuelen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 2080 vum honorabelen Deputéierte Sven Clement**

**Ad 1) - 3)**

Unzuel u Schüler, déi hiren Haaptwunnsëtz net zu Lëtzebuerg hunn an an enger ëffentlecher Lëtzebuerger Grondschoul scolariséiert sinn:

| Schouljoer 2024/2025 | Schouljoer 2023/2024 | Schouljoer 2022/2023 | Schouljoer 2021/2022 | Schouljoer 2020/2021 |
|---|---|---|---|---|
| 480 | 450 | 430 | 420 | 473 |

Am Kader vun der Veraarbechtung vun de perséinlechen Donnéeën duerch meng Servicer ginn eenzeg de Schüler aus den ëffentleche Grondschoulen hir Adressen erfaasst.

**Ad 4)**

D'Situatioun vun der Ausbildung an der Groussregioun ass méi komplex. Haut komme vill Frontalieren op Lëtzebuerg schaffen, déi an der Grenzregioun ausgebilt gi sinn. Et ginn nach ëmmer Lëtzebuerger Residenten an d'Grenzregioun fir hir Beschoulung, och wann dës Zuel ofgeholl huet. Fir d'Regierung ass et dofir e kollektiven Effort vu Lëtzebuerg an eisen Nopeschlänner, fir de Jonken an der Grenzregioun eng méiglechst gutt Ausbildung ze ginn. An dësem Kontext ass d'Méiglechkeet ze gesinn, fir Jonker aus der Groussregioun och zu Lëtzebuerg an eisem Schoulsystem opzehuelen.

**Ad 5)**

Déi legal Dispositioune gesi vir, datt d'*redevance annuelle pour frais de scolarité* vun der Gemeng, an där d'Kand an d'Schoul geet, bestëmmt gëtt an op ee Maximum vu 600 € pro Kand limitéiert ass.[1]

Lëtzebuerg, den 29. Abrëll 2025

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH

[1] *Art. 4 du règlement grand-ducal du 14 mai 2009 déterminant les modalités suivant lesquelles un enfant peut être admis dans une école d'une commune autre que sa commune de résidence ainsi que le mode de calcul des frais de scolarité.*